

Juni 2024  
Koplescht - Briddel

N<sup>o</sup> 53

KoBri

Magazine



Koplescht  
Briddel

# SOMMAIRE

Le KoBri Magazine est également disponible en langue française sur le site [www.kopstal.lu](http://www.kopstal.lu)



VIRWUERT Raoul Weicker – Schäffen	4
NEIEGKEETEN AUS DER GEMENG Zertifizéierung Drëpsi GOLD	8
NEIEGKEETEN AUS DER GEMENG Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen	11
NEIEGKEETEN AUS DER GEMENG Thema „Waasser“ an der Schoul	12
ËMWELT & MOBILITÉIT Carsharing – Car Flex	14
ËMWELT & MOBILITÉIT SICA – Vom Recycling-Center zum Ressourcen-Center	16
NATUR & TOURISMUS Naturphänomeen Polarlichter	18
NATUR & TOURISMUS De Blanneschlécher	20
NATUR & TOURISMUS SICONA – Natur genéissen	22
AKTIVITÉITEN & KULTUR Presentatioun vum Computerclub Gemeng Koplescht	24
AKTIVITÉITEN & KULTUR Moto Club MX Kopstal Bridel asbl	26
AKTIVITÉITEN & KULTUR Retrospektiv – Vergaange Manifestatiounen – Mäerz bis Mee 2024	30
PRAKTESCH INFORMATIOUNEN	43

## LETRE À LA RÉDACTION\*

Wann Dir zum Contenu vum KoBri Magazine wëllt bäidroen, kënnt Dir gären Äre Sujet / Ären Artikel dem Kommunikatiounsservice schécken.

Si vous désirez contribuer au contenu du KoBri Magazine, nous vous invitons à soumettre votre sujet / article au service de communication.

If you wish to contribute to the content of KoBri Magazine, we invite you to submit your topic / article to the communications department.

**communication@kopstal.lu**

\* De Kommunikatiounsservice erlaabt sech, d'Selektioun vun den Artikelen ze maachen déi publizéiert ginn. • Le service de communication se réserve le droit de sélectionner les articles qui seront publiés. • The communication department reserves the right to select the articles to be published.

## IMPRESSUM

EDITIOUN: Administration communale de Kopstal

KOORDINATIOUN A MISE EN PAGE:

Service de communication et des relations publiques

FOTOE VUN DE COUVERTUREN:

Heng Nilles (1. & 4. Couverture), Olivier Pirrotte (2. Couverture)

Dëse Magazine gëtt an 1.800 Exemplaren op recycléiertem Pabeier gedréckt





## VIRWUERT

# RAOUL WEICKER

## SCHÄFFEN

— Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

An eiser Gemeng mat ongeféier 4.500 Awunner ginn d'Bedierfnesser a punkto Mobilitéit dacks anescht gesinn, wéi a grouse Stied. Hei, wou d'Distanze kuerz sinn an d'Dicht vum Verkéier méi niddereg ass, kéint ee mengen, datt Verkéiersprobleme méi rar sinn. Awer gewësse Schwierigkeete kann een net vun der Hand weisen. Den öffentliche Transport ass dacks limitéiert, besonnesch wann een net an d'Stad fuere wëll, wat d'Bierger dozou zwéngt, hir privat Gefierer ze benotzen.

D'Verbesserung vum öffentlichen Transport ass ons wichteg. Dofir hu mir e Ruffbus, onse KoBribus, an d'Buslinn 850 (Belle-Étoile-Findel) agefouert, wat eng besser Ofdeckung vum Verkéiersreseau bitt an esou den öffentlichen Transport méi attraktiv mécht.

Zousätzlech zu de Elektropluedstatiounen vun Chargy hu mir e Carsharing agefouert. Zënter dem 1. Mee stinn dräi Flex-Autoe fir ons Awunner bereet (Kopstal 1, Bridel 2), wat hinnen erlaabt, e Gefier direkt an hirem

Duerf ze lounen, 24 Stonnen den Dag, 7 Deeg an der Woch. Dës Initiativ hëlleft dobäi, Ëmweltverschmutzung ze reduzéieren a mécht eis Gemeng fir zukünfteg Generatiounen méi liebenswäert.

Wann mir an d'Zukunft investéieren wëllen, mussen mir an d'Bildung vun de Kanner investéieren. Bei der Planung vun der neier Maison relais an der neier Schoul hu mir eis dacks gefrot, wéi mir Plazen entwerfen kënnen, déi Kanner net nëmme bei hirer schoulescher Bildung, mee och bei hirer perséinlecher Entwécklung ënnerstëtzen, andeems mir Raimlechkeete schafen, wou si sech wuel fillen. Dat neit Jugendhaus, dat dësen Hierscht am ale Paschtoueschhaus seng Dieren opmécht, soll och esou eng Oas vum Wuelbefanne ginn. Ech si besonnesch frou, datt mir dëse Projet, dee mir extrem um Häerz läit, an onser globaler Planung virzée konnten.

Am Gemengerot begrësse mir de Patrick Thill, deem de Romain Adam ersetzt. Mir wëllen dem Romain Merci soe fir säin Asaz als Gemengerot (2000-2005, 2017-2024), Schäffen (2005-2010) a Buergermeeschter



(2010-2017) a wënschen him eng schéi „politesch Pensioun“, déi hien sech no bal 25 Joer Déngscht fir eis zwee Dierfer wuel verdéngt huet.

D'Europawale vum 9. Juni sinn e fundamentaalt Evenement, wou mir sechs vun de 705 Europadeputéierte wielen. Dës Walen, déi all fënnef Joer stattfannen, bidden de Bierger d'Méiglechkeet, direkt iwwer d'Zesummesetzung vum europäesche Parlament ze entscheeden, dat wesentlech

Entscheidungen iwwer Gesetze an Direktiven trëfft, déi den Alldag bannent der Europäescher Unioun beaflossen. Dës Wale sinn also wichteg. Et schéngt awer, wéi wann d'Majoritéit vun de Bierger sech net wierklech fir si interesséieren géif. Villäicht geet et duer, dorun ze erënneren, datt mir iwwer ons politesch Zukunft entscheiden, besonnesch a Saache Fridden, Wuelstand, Sécherheet oder Immigratioun.

Schlussendlech wëll ech eisem technesche Gemengeservice a speziell dem Waasserservice fir hir rezenteste Leeschtung Merci soen, nämlech fir d'Auszeichnung vun onser Gemeng mam Drépsi GOLD Label. Mir kënnen op dës Qualitéitsbezeichnung besonnesch houfreg sinn, well se beweist, datt mir déi wichtegst Ressource op der Welt verantwortungsvoll geréieren: d'Dränkwaasser.

Léif Matbiergerinnen a Matbierger, ech wënschen lech elo schonn eng erhuelensam Summerzäit.

Raoul WEICKER  
Schäffen

■ Chères citoyennes, Chers citoyens,

Dans notre commune d'environ 4.500 habitants, les besoins en matière de mobilité sont souvent perçus sous un angle différent par rapport aux grandes villes. Ici, où les distances sont courtes et les densités de circulation plus faibles, on pourrait penser que les problèmes de circulation sont rares. Pourtant, certaines difficultés ne peuvent être ignorées. Les transports en commun sont souvent limités, en particulier si l'on ne souhaite pas se rendre en Ville, ce qui contraint les habitants à utiliser des véhicules privés.

L'amélioration des transports en commun est essentielle pour nous. C'est pourquoi nous avons mis en place le KoBribus, un service qui offre un bus à la demande, ou la ligne de bus 850 (Belle-Étoile-Findel), offrant une meilleure couverture et rendant ainsi les transports en commun plus attractifs.

De plus, en complément des stations de recharge Chargy, nous avons introduit un système de covoiturage. Depuis le 1er mai, trois voitures Flex sont disponibles pour nos résidents (Kopstal 1, Bridel 2), leur permettant de louer une voiture directement dans leur village, 24h/24 et 7j/7. Cette initiative contribue à réduire la pollution environnementale et à rendre la commune plus agréable à vivre pour les générations futures.

Si on veut investir dans l'avenir, on doit investir dans l'éducation des enfants. Lors de la planification de la nouvelle maison relais et de la nouvelle école, nous nous sommes souvent demandé comment nous pouvons concevoir des lieux qui soutiennent les enfants non seulement dans leur développement scolaire, mais aussi dans leur développement personnel, en créant des espaces où ils se sentent bien. La nouvelle Maison des jeunes, qui ouvrira ses portes dans l'ancien presbytère en automne,

devra aussi être une telle oasis du bien-être. Je suis heureux que nous avons pu anticiper ce projet qui me tient beaucoup à cœur.

Au conseil communal, nous accueillons Patrick Thill, qui remplace désormais Romain Adam. Nous tenons à remercier Romain pour son engagement en tant que conseiller communal (2000-2005, 2017-2024), échevin (2005-2010) et bourgmestre (2010-2017) et lui souhaitons une belle « retraite politique », qu'il a bien méritée après près de 25 ans de service pour nos deux villages.

Les élections européennes du 9 juin sont un événement fondamental, où nous élirons six des 705 eurodéputés. Ces élections, qui ont lieu tous les cinq ans, offrent aux citoyens la possibilité de décider directement de la composition du Parlement européen qui prend des décisions essentielles sur les lois et les directives affectant la vie quotidienne au sein de l'Union européenne. Ces élections sont donc importantes. Or, on a l'impression que la majorité des citoyens ne s'intéresse pas vraiment à celles-ci. Peut-être suffit-il de rappeler que nous décidons de notre avenir politique, notamment en matière de paix, de prospérité, de sécurité ou d'immigration.

Finalement, je tiens à remercier notre service technique communal et spécialement le service des eaux pour son plus récent exploit qui représente l'attribution du label Drèpsi GOLD à la commune. Nous pouvons être particulièrement fiers de cette distinction de qualité, car elle prouve que nous gérons de manière responsable la ressource la plus importante au monde : l'eau potable.

Chères citoyennes, chers citoyens, je vous souhaite d'ores et déjà une période estivale reposante.

Raoul WEICKER  
Échevin

■ Dear Citizens,

In our commune of approximately 4,500 inhabitants, mobility needs are often seen from a different perspective compared to larger cities. Here, where distances are short and traffic densities are lower, one might think that traffic problems are scarce. However, some challenges cannot be overlooked. Public transport is often limited, especially if one does not wish to travel to the City of Luxembourg, which forces residents to rely on private vehicles.

Improving public transportation is essential for us. That is why we have implemented the KoBribus, a bus service on demand, and the bus route 850 (Belle-Étoile-Findel), thus offering better coverage and making public transport more attractive.

Additionally, alongside the Chargy electric charging stations, we have introduced a car-sharing system. Since May 1st, three Flex cars are available for our residents (Kopstal 1, Bridel 2), allowing them to rent a car directly in their village 24/7. This initiative helps reduce environmental pollution and makes our commune a more pleasant place to live for future generations.

If we want to invest in the future, we must invest in children's education. In planning the new Maison relais and the new school, we often asked ourselves how we can design places that support children not only in their education at school but also in their personal development, by creating spaces where they feel comfortable. The new youth house, opening this fall in the old rectory, should also be such a haven of well-being. I am pleased that we have been able to anticipate this project, which is dear to my heart.

In the communal council, we welcome Patrick Thill, who replaces Romain Adam. We would like to thank Romain for his commitment as a communal councilor (2000-2005, 2017-2024), alderman (2005-2010), and

mayor (2010-2017) and wish him a beautiful "political retirement," that he has well-deserved after nearly 25 years of service to our two villages.

The European elections on June 9th are a fundamental event, where we will elect six of the 705 Members of the European Parliament. These elections, which occur every five years, offer citizens the opportunity to directly decide the composition of the European Parliament that makes essential decisions on laws and directives affecting daily life within the European Union. Thus, these elections are important. Yet, it seems that most citizens are not really interested in them. Perhaps it suffices to remind everyone that we are deciding our political future, especially regarding peace, prosperity, security, or immigration.

Finally, I would like to thank our communal technical service and especially its water service for its most recent achievement which represents the awarding of the Drèpsi GOLD label to our communal administration. We can be particularly proud of this quality distinction because it proves that we manage the most important resource in the world with responsibility: drinking water.

Dear citizens, I already wish you a restful summer period.

Raoul WEICKER  
Alderman



# NEIEGKEETEN AUS DER GEMENG

## Zertifizéierung Drëpsi GOLD

Textquell: Communiqué vum Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit – Waasserverwaltung  
Foto: PANCAKE! Photographie

De 17. Abrëll krut d'Gemeng Koplescht vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, Serge Wilmes, den Zertifikat „Drëpsi-Gold“ iwwerrecht. Dësen Zertifikat gëtt am Kader vun der gudder Aarbecht a Gestioum am Beräich vun der Drénkwaasserversuergung verginn a belount domadder och d'Efforten déi deeglech vun eisem Waasserservice gelescht ginn.

Zu Lëtzebuerg hu mir d'Chance fir kënnen vun enger exzellenter Drénkwaasserqualitéit ze profitieren. Dës Feststellung geet aus Analysen ervir, déi reegelméisseg a konform zu den Drénkwaasser-Krittären, déi vun der Weltgesundheitsorganisatioun festgeluecht gi sinn, duerchgefouert ginn. D'Drénkwaassergesetz, wat den 1. Januar 2023 a Kraaft getrueden ass, setzt de Kader fest fir d'Qualitéit vum Drénkwaasser ze garantéieren, andeem d'Mesure festgehale ginn. Dobäi musse verschidde Krittäre berécksichtegt ginn, ewéi déi technologesch

Entwécklungen, d'Absence vun neie Schuedstoffer an och d'Besoinen vun de Verbraucher a Verbraucherinnen. Am Kader vun dësem Gesetz krut den „Drëpsi“ och eng gesetzlech Basis als Exzellenz-Zertifikat.


Fir dësen héije Standard anzehalen, ass ee konstanten Entretien an eng permanent Maintenance vum ganzen Drénkwaasserreseau an den Infrastrukturen noutwendeg. Fir den Drëpsi ze kréien, engagéiert de Fournisseur sech dozou, Preventiounsaarbecht ze leeschten, fir ee reiwungslose Fonctionnement ze

garantéieren a fir dass d'Drénkwaasser ouni Problemer vun der Quell bis bei de Verbraucher an d'Verbraucherin kënnt. Dës Preventiounsaarbecht besteet doraus, eng Risikoanalys duerchzuführen. Esou gëtt all Evenement, wat d'Waasserqualitéit oder -quantitéit affektéiere kéint, behandelt an et gëtt eng Evaluatioun gemaach, fir d'Risiken déi domadder verbonne sinn, ënner Kontroll ze halen.

Fir dës Efforten an Aarbechten an de Gemengen ze belounen, huet de Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, Serge Wilmes, de 17. Abrëll d'Drëpsi Zertifikater iwwerrecht. Den Zertifikat gëtt a verschidden Exzellenzniveauen (Platin, Gold, Sëlwer a Bronze) verginn, an dat a Funktioun vun der gudder Gestioum vun de verschiddenen Infrastrukturen: Ressource, Stockage, Traitement an Distributioun.

D'Gemeng ass houvreg matzedeelen dass mir de GOLD Zertifikat iwwerrecht krute fir de Stockage an d'Distributioun vum Drénkwaasser.

Dësen Zertifikat ass fir 6 Joer gülteg an d'Ekippe wäerte sech weiderhin dofir asetzen a sech beméie fir déi gutt Qualitéit ze erhalen.



### Kontakt

Waasserservice, Gemeng Koplescht

Romain Bintener, Waassermeeschter

☎ 661 402 328

✉ eau@kopstal.lu

### Weider Informatiounen:

- [www.eau.gouvernement.lu](http://www.eau.gouvernement.lu)
- [www.drenkwaasser.lu](http://www.drenkwaasser.lu)
- [www.teamwaasser.lu](http://www.teamwaasser.lu)







**LÉIF BOMA, LÉIWE BOPA,  
LOOSST IECH NET BEDUCKSEN!**



## NEIEGKEETEN AUS DER GEMENG

# Kommission vum interkulturellen Zesummeliewen – CCVEI

Text a Foto: Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen

Den 1. Januar 2024 ass dat neit Gesetz vum interkulturellen Zesummeliewen a Kraaft getrueden. Saitdeem gëtt et an eiser Gemeng och dës nei Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen an ersetzt domadder déi fréier Integratiounskommissioun.

D'Gemeng Koplescht hat Enn 2023 een Opruff un d'Awunner gemaach, fir Memberen ze rekrutéieren. Doropshin hunn sech eng 30 Leit gemellt an de Gemengerot huet a senger Sitzung vum 19. Dezember 2023 all 30 Kandidaten an dës Kommissioun genannt.

Dëse Grupp vu motivéierten Awunner bilt elo zesummen déi nei Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen CCVEI an enger éischter Phas, ënnert der Leedung vum President vun der fréierer Integratiounskommissioun, dem Här Manuel Lentz.

Déi bewäerten Aarbechtsgruppe goufen och emol bäibehalen.

D'Madamm Michèle Konsbrück ass Responsabel fir den Aarbechtsgrupp „Zesummeliewen a sech kenneléieren“.

Den Här Jean-Pierre Staus an d'Madamm Fulvia Bizzozero leeden den Aarbechtsgrupp „Walen an divers Informatiounen“.

D'Madamm Sylvia Pizzi ass Vize-Präsidentin a Responsabel vum Grupp „Digital Inclusioun a Schoulzäit“.

Déi komplett Memberslëscht kann um Site [www.kopstal.lu/politique/les-commissions-consultatives/](http://www.kopstal.lu/politique/les-commissions-consultatives/) nogekuckt ginn.

D'Missiounen vun der Kommissioun sinn :

- D'Zesummeliewen an eiser Gemeng promovéieren a praktizéieren
- D'Prioritéiten an dësem Beräich identifizéieren

- D'Fërdere vum Zesummekommen, d'Inklusioon, den Dialog an den interkulturellen Echange

Fir d'Aarbechte vun dëser neier Kommissioun ze lancéieren, sinn d'Memberen den 22. Februar 2024 eng éischte Kéier am Kulturhaus zu Koplescht, a Präsenz vum Buergermeeschter zesummekomm. No der Presentatioun vun den 3 Aarbechtsgruppen an dem Fonctionnement vun der Kommissioun, goufen d'Memberen opgefuerdert, sech fir déi nächste Reunioun an en Aarbechtsgrupp no hire prioritären Interessen a Kompetenzen anzuedroen. Des Weidere gouf eng Präsentatioun vum „Pakt vum Zesummeliewen“ duerch den Här Yanick NICOLAS, Conseiller à l'Intégration, fir déi nächste Reunioun geplangt.



22.02.2024 - Éischt Reunioun vun der Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen

### Kontakt

**Sekretariat: Carlo Plier / Véronique André**

☎ 27 327 203 oder 27 327 204

✉ [commission.ccvei@kopstal.lu](mailto:commission.ccvei@kopstal.lu)

🌐 [www.kopstal.lu/politique/les-commissions-consultatives/](http://www.kopstal.lu/politique/les-commissions-consultatives/)  
[www.zesummeliewen.lu](http://www.zesummeliewen.lu)



## Thema „Waasser“ an der Schoul

Text: Ëmweltberodung Lëtzebuerg asbl

Fotoen: Ëmweltberodung Lëtzebuerg asbl & Schoul Briddel, Sophie Nilles

Passend zum internationale Waasserdag, deen all Joers den 22. Mäerz stattfënnt, kruten dräi Klasse vum Cycle 4 d'Chance, als éischt Klassen aus dem Land, ee speziellen an interessante Cours iwwert d'Thema „Waasser“ ugebueden. Dëse Cours gouf ganz nei opgestallt a vun der Ëmweltberodung Lëtzebuerg asbl organiséiert a geleet.

Ausgeschafft gouf en awer am Kader vun engem pedagogesche Projet mat der Waasserverwaltung (AGE):

De Guide pédagogique „Eist Drénkwaasser“ (<https://www.teamwaasser.lu/p/13>)

### Sensibiliséierung iwwert d'Thema Waasser

An deenen dräi Klasse goufe jeeeweils aner Schwéierpunkten ugeschwat:

- « A la découverte de l'origine de l'eau potable au Luxembourg »
- « Les ambassadeurs de l'eau potable (valoriser et protéger la ressource eau) »
- « Les petits scientifiques: Expériences autour de l'eau potable »



### Opklärung: eist Drénkwaasser

D'Ziler vun dëse Course ware ganz villfälteg an hu vill Aspekter vun der Benotzung vun eisem Drénkwaasser ofgedeckt:

**Verstoe** vu wou eist Drénkwaasser hierkënt, wéi et gebraucht gëtt a wou et duerno higeeet.

**Eist Drénkwaasser schätzen a schützen:** D'Valeur vum Krunnewaasser verstoen (einfachen Zougang fir jiddereen, Qualitéit an ekologesch Avantagen). Léieren, wéi kleng Experimenten kënne gefouert ginn, fir d'Waasser besser ze verstoen.

**Léieren** ze diskutéieren a verschidde Meenungen ze respektéieren. Dofir goufen hei kleng philosophesch Ronnen am Kuer integréiert.



# LIEWENSQUALITÉIT AM NATURNOE GAART!



## MÄI GAART VU GËSCHTER

## MÄI GAART VU MUER



### DEIER

D'Gestaltung, d'Planzen, d'Material an den Ënnerhalt am formale Gaart sinn opwänneg a soumat oft zimmlech deier.



### GROUSSEN ZÄITOPWAND

All Spontanvegetatioun muss ewechgemaach ginn, well se feel op der Plaz wierkt a sech mat de kloer strukturierte Formen a Linne bässt.



### INTENSIV FLEEG

Den Asaz vu Pestiziden ass quasi onëmgängelech, fir dat uerdentlecht Erscheinungsbild an de kënschtlech wirkenden Zoustand net ze stéieren.



### DOUDEG

Exotesch Zierplanzen oder Steen- a Wueswüste bidden eenheemesche Planzen an Déiere wéineg Liewensraum a Fudderquellen.



### NATURFERN

Hei gëtt géint amplaz mat der Natur geschafft, sou datt weder de Mënsch, nach d'Déieren a Planzen dovunner profitéieren.



### ONANGENEEM

Eng doudeg a latzeg Ëmgegend bitt engem kaum en optesche Reiz a verréngert d'Openthaltsqualitéit.



### GËNSCHTEG

No enger éischer Investitioun fir d'Uleeën (z.B. Bau vun enger Dréchemauer) muss een nëmme nach wéineg Geld an de Gaart investéieren.



### GERÉNGEN ZÄITOPWAND

Wéll Gehölzer sinn zum Beispill méi liicht ze fleege wéi Schnëtthecken. Mat just e puer Handgrëffer am spéiden Hierscht oder Fréijoer ass den Entretien gemaach.



### EINFACH FLEEG

D'Natur einfach Natur si loosse! Nützingen hale Schiedlingen a Schach an och e Wéllkraut (oft pollen- an nektar-spendend Bléieplanz) däerf hei wuessen.



### LIEWEG

Ënnerschiddlech Liewensraim bidden der heemescher Déieren- a Planzewelt Plaz fir ze liewen, Nahrung ze sichen a sech fortzeplanzen.



### NATURSCHUTZ

Duerch Reewaassernotzung oder déi richteg Planzewiel zum Beispill gi Waasserressource geschount, d'Loft-qualitéit erhéicht an d'Natur geschützt.



### ANGENEEM

D'Diversitéit u Formen, Faarwen a Liewewiesen steigert d'Ästhetik an d'Loscht, Zäit am Gaart ze verbréngen.





# ËMWELT & MOBILITÉIT

## Carsharing – Car Flex



**🇱🇺** Sait dem 1. Mee 2024 ass de Service Car Flex och an eiser Gemeng ze fannen. Entdeckt hei wéi dëse Carsharing Service funktionéiert.

### Wat ass FLEX?

FLEX ass d'Carsharing-Léisung fir ganz Lëtzebuerg, mat enger qualitativer Offer u Gefierer a ville Statiounen, déi gréisstendeels un den ëffentlechen Transport ugeschloss sinn. FLEX ass déi nohalteg Mobilitéitsléisung fir den Alldag.

**🇫🇷** Depuis le 1<sup>er</sup> mai 2024, le service Car Flex est également disponible dans notre commune. Découvrez comment ce service de carsharing fonctionne.

### FLEX, c'est quoi?

FLEX est la solution de carsharing partout au Luxembourg, proposant des voitures disponibles à de nombreuses stations, pour la plupart connectées au réseau de transports publics. FLEX est la solution responsable pour les déplacements du quotidien.

**🇬🇧** Since 1 May 2024, the Car Flex service is also available in our commune. Find out how this carsharing service works.

### What is FLEX?

FLEX is the carsharing solution available throughout Luxembourg, offering cars at numerous stations, most of which are connected to the public transportation network. FLEX is the responsible solution for everyday travel.



### Wéi funktionéiert et? · Comment cela fonctionne-t-il? · How does it work?

#### FLEX App eroflueden & umellen Télécharger l'app FLEX et s'inscrire Download FLEX App and register

Registriéiert Iech un Hand vun Ärem Führerschäin.  
Enregistrez-vous avec votre permis de conduire.  
Set up your profile with your driving licence.



#### Benotzung Utilisation Drive on demand

Zu Lëtzebuerg an an der Groussregioun. Tankkäschten, Versécherung, Botzen a Service sinn am Präis mat abegraff!  
Au Luxembourg et dans la Grande Région. Pleins de services inclus dans le prix!  
In Luxembourg and the Greater Region. Plenty of services included in the price!



#### Reservatioun & Bestätegung Reservation & confirmation

Wielt ee Gefiertyp an der App eraus. Dir kritt direkt eng Bestätegung geschéckt.  
Choisissez un véhicule dans l'application. Vous recevrez une confirmation immédiate.  
Choose a vehicle in the FLEX App. You will receive an immediate confirmation.



#### Retour bei de Startpunkt Retour au point de départ Return to starting point

Bréit d'Gefier virun Enn vun der Faart zeréck bei de Startpunkt. Beendegt dann d'Faart an der FLEX App.  
Avant la fin de votre réservation, ramenez le véhicule à la station de départ. Terminez ensuite votre trajet dans l'application.  
Before the end of your reservation, return the vehicle to the starting point. Then simply end your journey in the app.

### D'Statiounen an der Gemeng Koplescht · Les stations dans la commune de Kopstal The stations in the commune of Kopstal

📍 1-3, Rue Nicolas Goedert,  
8133 Bridel

📍 24, Rue de Luxembourg,  
8184 Kopstal

Méi Infoen op · plus d'info sur · more information on  
[www.flex.lu](http://www.flex.lu)





## ËMWELT & MOBILITÉIT

# SICA – Vom Recycling-Center zum Ressourcen-Center

Text a Fotoen: SICA

1993 war die Eröffnung des SICA Recycling-Centers, das erste in Luxemburg in der Form, welches später anderen Gemeinden und Syndikaten als Beispiel diente. Damals konzipiert für 15.000-20.000 Einwohner. Durch das Beitreten der Gemeinden Bartringen, Garnich und Simmern Mitte der 1990er Jahre wuchs die Einwohnerzahl schnell über 25.000. Zwischen 1998 und 2006, konnte das Syndikat zweimal den Standort, durch Hinzukaufen von Nachbarparzellen, vergrößern.

Das Areal beherbergte nicht nur den Recycling- und Containerpark, sondern ebenfalls Garagen und die Werkstatt vom eigenen Fuhrpark der Haus-zu-Haus Müll- und Wertstoff-Holsammlungen.

2012 begannen im Vorstand die Diskussionen zur Modernisierung

der Syndikatsinfrastrukturen. Es war angedacht, Müllabfuhr und Recycling-Center auf demselben Areal zu belassen. Die stetig wachsenden Einwohnerzahlen der Mitgliedsgemeinden veranlassten die SICA-Verantwortlichen jedoch dazu, einen Standortwechsel einzuplanen. Schließlich konnte ein Grundstück nur wenige Meter entfernt vom Recycling-Center erworben werden. Nach zweijähriger Bauzeit waren die neue Werkstatt und die Fuhrparkhallen fertiggestellt. Nach dem Umzug des Fuhrparks vom Areal des Recycling-Centers in die neuen Gebäulichkeiten, steht dem Umbau des Recycling-Centers zum Ressourcen-Center nichts mehr im Wege.

Die Planung des neuen Ressourcen-Centers verlief über Jahre und dadurch konnten Erfahrungen und neue Entwicklungen in der Abfallwirtschaft mit einfließen.



Erster Spatenstich zum neuen Ressourcen-Center am 3. April 2024

### Das aktuelle SICA Recycling-Center in Zahlen:

- Einwohner der Mitgliedsgemeinden: 43.000, Tendenz steigend (+1.000 jährlich)
- Über 150.000 Kunden pro Jahr.
- An 6 Tagen in der Woche geöffnet.
- 19 Mitarbeiter
- Optimale Konditionierung der eingesammelten Wertstoffe und Abtransport in Eigenregie zu den Verwertern.

So bekommt das Ressourcen-Center ein Second-Hand Shop von über 160 Quadratmetern. Bereits jetzt werden jedes Jahr in der aktuellen Boutique 150.000 Kilo Gebrauchsgegenstände wie Bücher, Küchengeschirr, Kinderspielzeug, Kleider usw. weitervermittelt, die ansonsten im Müll landen würden, obwohl ihr Zustand oft neuwertig ist.

Eine permanente Flickwerkstatt (Repairatelier) ist auf einer Fläche von über 100 Quadratmetern eingeplant. Auf den Dächern ist eine große Photovoltaikanlage vorgesehen.

Jedes Jahr besuchen zahlreiche Schulklassen das SICA Recycling-Center. Ein geplanter Schulungsraum wird diesbezüglich für neue Möglichkeiten sorgen.

Zudem gehören eine ständige "Superdrecks-këscht" und neue Verwaltungsräumlichkeiten zum geplanten Neubau.

Der Umbau wird in zwei Phasen erfolgen, da das aktuelle Recycling-Center während den Bauarbeiten weiter betrieben werden muss.

Der Außenbereich wird sicherer und bequemer für die Benutzer.

Die Bauzeit wird sich voraussichtlich über 4 bis 5 Jahre hinziehen. Während der Zeit ist Geduld gefragt, denn es steht nur ein Bruchteil von Parkplätzen für die Benutzer zur Verfügung.

Das SICA Ressourcen-Center wird das erste in Luxemburg der jüngeren Generation, im Einklang mit der neuen Gesetzgebung in Sachen Abfallwirtschaft und Ressourcenschonung.

### Allgemeines zum SICA:

Das „Syndicat Intercommunal pour l'Hygiène Publique au Canton de Capellen“ wurde 1958 von den Gemeinden Kehlen, Koerich, Kopstal, Mamer und Steinfort gegründet.

1996 traten die Gemeinden Bartringen, Garnich und Simmern dem Syndikat bei.

Anfang der 1990er Jahre wurde beschlossen, Maßnahmen zur Reduzierung der stetig wachsenden Restmüllmengen zu ergreifen.

Dazu gehörte u.a. die Eröffnung des Recycling-Centers, welches den Bürgern die Trennung aller ihrer Abfälle ermöglichte.

2023 betrug die Pro-Kopf-Restmüllmenge in den SICA-Gemeinden 124,74 kg im Schnitt (Landesdurchschnitt: mehr als 160 kg/Einwohner).

Das Syndikat bietet seinen Einwohnern 10 verschiedene Haus-zu-Haus Sammlungen an, wobei 8 davon Wertsstoffsammlungen sind.

### Während der Bauarbeiten:

- Nutzen Sie, so weit wie möglich, die verschiedenen Haus-zu-Haus Sammlungen (Papier, Glas, Verpackungen (Valorlux), Schrott, Elektrogeräte, Kleider, usw.)
- Sortieren Sie den Müll ordentlich bevor Sie ins Recycling-Center kommen
- Vermeiden Sie, wenn möglich, den Besuch des Recycling-Center zu Stoßzeiten (z. B. samstags zwischen 10 und 15 Uhr).
- Beachten Sie die Hinweise und Anweisungen unserer Mitarbeiter.



# NATUR & TOURISMUS

## Naturphänomeen Polarlichter

Text: Alain Dondelinger – Fotoen: Alain Dondelinger & Marc Steichen

■ An der Nuecht vum Freideg 10. Mee op Samschdeg 11. Mee konnt een a ganz Europa, an natierlech och zu Lëtzebuerg, Polarlichter (Aurora Borealis) gesinn. An eise Géigenden ass dese Phänomeen éischer rar.

### Wat ass d'Ursaach vu Polarlichter?

Et geet domat un, dass elektresch gelueden Deelercher vun der baussenster Schicht vun der Sonn, aus engem sougenannten „Sonnefleck“, fortgeschleiert ginn (dat nennt een dann e coronale Massenauswurf, „Coronal Mass Ejection“ oder CME). Wann déi Deelercher a Richtung vun der Äerd geschleiert goufen, kommen se zum Schluss vun hirer Rees duerch de Weltall („Sonnewand“) a Kontakt mam Magnéitfeld vun der Äerd, dat se och liicht veränneren. Doduerch ginn dës Deelercher a Richtung vun der Äerduewerfläch geleet, meeschtens an d'Pol-Géigenden (also ronderëm den Nordpol a Südpol).

### Wéi entsteet e Polarlicht?

Wann déi gelueden Deelercher vun der Sonn an enger Héicht vun 100–300 Kilometer iwwert dem Äerdbuedem mat den Deelercher vun der Atmosphär a Kontakt kommen, reegen se dës zum Liichten un (vergläichbar mam Liichte vun engem „Neon-Tube“). Jee nodeem wéi eng Deelercher ugereege ginn, huet déi Luucht eng aner Faarf: gréng a rout wa Sauerstoffdeelercher liichten, blo a rosa wann et Stéckstoffdeelercher sinn.


### Firwat konnt ee grad lo Polarlichter zu Lëtzebuerg gesinn?

De coronale Massenauswurf, deen den 10. Mee op der Äerd ukoum, war aussergewöhnlech staark, well d'Sonnenaktivitéit momentan op engem Maximum an hirem 11-järegen Zyklus ass. Dowéinst ass méi eng grouss Quantitéit Deelercher fortgeschleiert gi wéi soss, sou dass si sech och anescht verdeelt hunn. Doduerch ware Polarlichter bis erof a Sizilien – an eben och zu Lëtzebuerg – ze gesinn.

A staark beliichte Géigenden, wéi an eiser Gemeng an och soss zu Lëtzebuerg, konnt een d'Polarlichter zwar mam bloussen A gesinn, mee eventuell just als gro „Schleieren“, d'Faarf ass réischt op Fotoen zum Virschäi komm, wann een e puer Sekonne laang beliicht huet. A méi däischtere Géigenden waren d'Polarlichter och fir d'blouss A (liicht) faarweg.

*Eis Sonn mat der aktiver Region AR3664 (donkel Regioun op der lénsker Säit vun der Foto), déi responsabel fir dei staark CME sinn déi d'Nordlichter vum 10. Mee 2024 ausgléist hunn.*

*Marc Steichen - Astrokamera ZWO ASI183MM ; Telescope William Optics 10000mm Brennweit ; Quark Waaserstoff-Filter, Astrofoto-Monture vu SkyWatcher*



Nordlicht bei Déirenbech

Marc Steichen - Sony Alpha 1, FE 14mm @f2,0 ; 5,0s ; ISO 500



Bléck Richtung Nordwesten (vum Eck rue Wercollier/rue Robert  
Bintener Richtung rue Henri Moore)

Alain Dondelinger - Canon EOS R6, RF24-240 mm @24mm, f/4, ISO 2000



Bléck Richtung Nordosten (vum Eck rue Wercollier/rue Robert  
Bintener Richtung rue de Luxembourg, parallel zur rue Wercollier)

Alain Dondelinger - iPhone 12 Pro, 10 s





## NATUR & TOURISMUS

# De Blanneschlécher

Text a Fotoen: Bëschverwaltung Koplescht – Anne Dossing

🇧🇪 Ganz anders als der Name vermuten lässt, ist die Blindschleiche alles andere als blind. Die Schleiche, die der Familie der Eidechsen angehört, lässt sich im Frühjahr des Öfteren in der morgendlichen Sonne blicken, wenn sie sich in lichten Laubwäldern die ersten warmen Sonnenstrahlen auf ihre Schuppen scheinen lässt.

Die „Blanneschlécher“ kommen nach und nach aus ihren Winterquartieren hervor, welche sie meist, aus überlebenswichtigen Gründen, zu mehreren ihrer Art gleichzeitig besetzen. Im März lockt sie der Hunger nach Regenwürmern und Schnecken wieder heraus.

Man muss etwas Glück haben, um die Eidechsen zu Gesicht zu bekommen, denn die meiste Zeit leben sie unterhalb der Erde. Wenn sie doch mal die Erdoberfläche aufsuchen, dann halten sie sich in Waldrändern, Hecken, Gärten und Lichtungen auf.

Genauso wie die Eidechsen kann die Blindschleiche ihr Schwanzende bei Bedrohung oder Gefahr abwerfen. Ist dies jedoch einmal passiert, so kann der Schwanz nicht mehr nachwachsen und das Körperende verheilt zu einem Stumpf ab.

### Blindschleichen im heimischen Garten

Die harmlosen Lebewesen, die weder giftig noch störend sind, erfreuen sich über jeglichen Unterschlupf und sicheren Rückzugsort. Somit kann jeder in seinem Garten etwas Gutes tun.

Steinhaufen oder eine Trockenmauer, welche eine wichtige Wärmequelle darstellen, lassen sich ohne größeren Aufwand in den Garten integrieren. Hecken, Totholzhaufen sowie ausgeprägte Krautschichten bieten Schutz und locken Kleintiere an die gerne als Nahrung genutzt werden. Diese kleinen Biotope bieten nicht nur einen Lebensraum für Blindschleichen, sondern auch für eine Vielzahl an weiteren Tierarten.

### Kontakt


Daniel Steichen, Préposé de la nature et des forêts

✉ [daniel.steichen@anf.etat.lu](mailto:daniel.steichen@anf.etat.lu)

☎ 247 567 06 / 621 202 116

BEIEN AN ANER **BESTËBSER** SI LIEWENSNOTWENDEG  
FIR D'ËMWELT A FIR D'MËNSCHEN.

ELO **STELL DIR VIR**, DU WIERS **ENG BEI**.  
WAT WIELS DU?



© Naturpark Our - Caroline Martin



MÉI **BLÉIEN**, MÉI **LIEWEN**





# NATUR & TOURISMUS



Text: SICONA – Fotoen: C. Martin/SICONA



## **Natur genießen** Nachhaltig & gesund essen in den Kindertageseinrichtungen!

Die Art der landwirtschaftlichen Nutzung hat einen direkten Einfluss auf den Erhalt der Biodiversität. Somit ist Naturschutz untrennbar mit Landwirtschaft verbunden. Das Projekt Natur genießen wurde 2014 von SICONA ins Leben gerufen, um wichtige Lebensräume zusammen mit den Landwirten zu erhalten und zu schützen, sowie einen weiteren Absatzmarkt für diese Landwirte zu schaffen.

Landwirtschaftliche Betriebe bieten viele der in den öffentlichen Kantinen benötigten Lebensmittel, wie Rind-, Schweine- und Hähnchenfleisch, Kuhmilch, Eier oder Obst und Gemüse lokal an. Die Natur genießen Produzenten verpflichten sich zu einer nachhaltigen Produktionsweise und setzen Naturschutzmaßnahmen auf ihren Flächen um. Die Natur genießen Kindertageseinrichtungen (Maison relais), ihrerseits verpflichten sich u. a. mindestens 13% ihres Lebensmitteleinkaufs bei den Natur genießen Betrieben zu tätigen. Eine gesunde, regionale und saisonale

Ernährung spielt eine wichtige Rolle in der Entwicklung der Kinder und so auch in den Natur genießen Kindertageseinrichtungen. Natur genießen ist also gleich dreifach förderlich: Unterstützung der lokalen Landwirte, saisonale und gesunde Ernährung der Kinder und Umsetzung von Naturschutzmaßnahmen.

Die Gemeinde Kopstal setzt das Projekt seit dem Schuljahr 2019/20 in ihrer Kindertageseinrichtung um. Somit werden in der Gemeinde Kopstal täglich rund 265 (Stand Schuljahr 2022/23) ausgewogene, saisonale, regionale und gesunde Mahlzeiten für die Kinder der Gemeinde gekocht.

Mehr Informationen auf [sicona.lu](http://sicona.lu) oder über folgenden QR Code:



**SICONA** - Naturschuttsyndikat  
12, rue de Capellen L-8393 OLM  
Tél. : 26 30 36 25  
E-mail : [administration@sicona.lu](mailto:administration@sicona.lu)





## AKTIVITÉITEN & KULTUR

# Presentatioun vum Computerclub Gemeng Koplescht

Interview mam Alain Bintener, President vum Computerclub

Text a Fotoen: Computerclub

### Wéini ass de Computerclub gegrënnt ginn a wouhier koum d'Iddi?

Offiziell hu mir de Club 2010 als ASBL ugemellt, et goufen awer scho virdrun Aktivitéiten. Wat d'Iddi ugeet, ware mir einfach eng Rei vu Kolleegen, déi dacks Spiller um PC gespillt hunn. Dat huet alles an de Mëtt 90<sup>er</sup> Joren ugefaang. Als Club war et du méi einfach, fir sech ze organiséieren an eng Struktur eranzebréngen. Vun den aktuelle Comitésmemberen si mer nach zu zwee Grënnungsmemberen. Am Ganzen hu mir momentan 23 Memberen. D'Altersspart geet vu 15 bis 45 Joer.

### Wat sinn d'Haaptaktivitéiten?

Mir konzentréieren eis am Moment op sougenannten LAN-Partyen, d.h. een Zesummekomme vu ville Leit, déi matenee vernetzt sinn an zesumme bestëmmte Games spillen. Esou LAN-Partyen organiséiere mir eemol all 2-3 Méint, wat natierlech och mat vill Aarbecht verbonnen ass. Wat de sozialen Aspekt ugeet, gi mir och heiansdo zesummen op den Tour.

Mir kucken och ëmmer op de Manifestatiounen vun der Gemeng vertrueden ze sinn (Movie Night, Chrëschtmaart,...) eben esou wéi eis Leit Zäit hunn.

### Wat läit da momentan am Trend bei Computer Spiller?

Dat mam Trend ass ëmmer schwéier ze soen a kann och ganz schnell änneren. Et kënnt ëmmer drop un, wat vir eng Spiller momentan um Marché sinn, an ebe wéi d'Kriticke sinn.

Déi aktuell Tendenz bei eis am Club geet a Richtung Survival Spiller, déi sinn zimmlech usprochsvoll a maachen esou natierlech vill Spaass! Ronn 300 Stonnen hu mer esou schonn an ee bestëmmte Spill an Zäit vun zwee Méint investéiert.

Et gëtt nees vill Fallout 4 (Spill vun 2015) a Fallout 76 (Spill vun 2020) gespillt, wat un der Amazon-Serie läit, déi ob deene Spiller baséiert.

Bei der leschter LAN-Party hu mir haaptsächlech Helldivers 2 (2024) gespillt, wat en COOP-Action-Spill ass. E puer Méint virdu war et d'Spill Conan Exciles (2018), wat éischer en Action-Survival-MMO-Game ass. Mir spillen och online zesummen, z.B. huet ee vun de Memberen e Minecraft-Server, wou mer och heiansdo zesumme spillen.




Chrëschtmaart, 2023



Open Air Kino, 2022



LAN-Party mat 128 Spiller, 2010



LAN-Party, 2024

### Wéi kann ee Member am Computerclub ginn?

Do brauch een eis einfach eng Mail ze schécken oder op eisem Internetsite laanscht surfen an doriwwer mat eis Kontakt ophuelen. Do fënnt een och eise Manifestatiounskalenner.

Natierlech hu mir och eng Facebook Presenz. Discord hu mir mat engem anere Veräin zesummen.

Déi 1. LAN-Party ass ëmmer gratis. De Membersbäitrag ass vir déi Leit gratis, déi ob de Manifestatiounen hëllef, soss läit e bei 10 € d'Joer.

### Kontakt

✉ [comite@ccgk.lu](mailto:comite@ccgk.lu)

🌐 [www.ccgk.lu](http://www.ccgk.lu)

📌 /CCGK2010



## AKTIVITÉITEN & KULTUR

# Moto Club MX Kopstal Bridel asbl


Richtigstellung an Zousazinformatiounen zum Artikel „MCKB - Motoclub MX Kopstal“ -  
KoBri Magazine 51

Text a Biller: Koplescht fréier an hott – Jos Junck

### **Geschicht vum Motoclub Kopstal-Bridel**

Textabschnitt: „Deemools goufen d'Course  
schonn um 1. Mee organiséiert. Eng Traditioun  
déi eis bis haut erhale bliwwen ass“.

Richtigstellung: Déi éischt Course ass den  
29. Abrëll 1962 bei de 5 Buche gefuer ginn.



### **Den Ufank zu Koplescht**

Textabschnitt: „D'Iddi fir zu Koplescht ee  
Motocross z'organiséiere koum am Joer 1962  
vun engem Grupp vu Frënn, déi déi nämlecht  
Iddien an Hobbyen haten. Verschidde  
Membere waren a verschidde Clibb zu  
Koplescht aktiv a hunn esou gemeinsam  
decidéiert dës Veräiner (Vélo Club, Syndicat  
d'Initiative, Entente et Cercle Militaire)  
zesummen ze bréngen, fir eng Motocross  
Course an eiser Gemeng op d'Been ze  
stellen“.

Richtigstellung: Et waren dräi Veräiner -  
de Comité vun der neier MUL-Sektioun  
Koplescht huet sech zesummegeat aus  
jee dräi Comitésmembere vum Syndicat  
d'Initiative (SITKB), dem Cercle Touristique  
(CTKB) an dem Cercle Militaire des Sports  
Mécaniques (CMSM). D'Membere vun  
deenen dräi Veräiner waren automatesch och  
Membere vun der MUL-Sektioun.

Den Haaptkoordinator fir dat Ganzt ze  
organiséiere war de Schoulmeeschter Willy  
Flener. D'Grondiddi war fir zu Koplescht  
eng attraktiv Organisatioun opzezéien, déi  
domat gläichzäiteg zwee Veräiner déi och  
op d'Bedreiw vum Willy gegrënnt gi waren  
- an déi hien nach ëmmer am Hannergrond  
dirigéiert huet - géif erlaben, hir Kees  
opzebesseren. Deemools sinn d'Subside  
vu Gemeng a Ministère nach vill méi kleng  
gewiescht.

- De Syndicat d'Initiative huet Sue  
gebraucht fir säi Camping anzeriichten,  
e Chalet ze bauen, op senge Promenade  
Bänken opzeriichten a seng touristesch  
Pub drécken ze loossen.
- De Cercle Touristique huet Sue  
gebraucht fir mat senge Memberen,  
haaptsächlech jonk Borschten, déi nach  
net bestuet waren, op Tier mat dem  
Vélo en Deel vun Europa kennen ze  
léieren. Déi Tier hunn 10 bis 14 Deeg  
gedauert. Sou Tier hunn natierlech  
an d'Nopeschlänner, awer och bis op  
Amsterdam, Wien, Mailand, London,  
Malmö, verschidden Destinatiounen an  
der Schwäiz an an Dänemark gefuert.  
Fir ee Member, dee min. 5 „Monatstier“  
matgemaach hat, waren déi Tier komplett  
gratis. D'Sue fir d'Organisatiounen:  
Iwwernuechtungen, Käschten (jee  
eng Tournée Gedrénks wärend der  
Mueresfaart, Mëttegiessen, Mëttesfaart,  
Owendessen an Dämmerschopen;  
ufälleg Reparaturen, Boboen a  
Blessen, etc.) goufen haaptsächlech  
duerch Theateropféierungen, net  
nëmme zu Koplescht, och alt bis 12  
Mol op auswäertege Bühnen, Baler an  
Tombolae verdéngt. De Motocross ass  
mat organiséiert ginn als zousätzlech  
Einnahmequell.

- Den drëtten Veräi war de Cercle Militaire  
des Sports Mécaniques. D'Attache zum  
CMSM war de Sergeant-Chef Jean Thill  
- de Foxe Jang, e Kopleschter Jong -  
fréiere Schüler vum Willy Flener a Member  
vum Kopleschter Cercle Touristique.

Textabschnitt: „Am Laf vun de Joren huet  
d'Course misse vum „Direndall“ op „Sank“,  
duerno „Bei de 5 Buchen“ an dann op  
d'Carrière Cloos um Biergerkräiz ëmzéien,  
fir schlussendlech erëm zeréck „Bei de 5  
Buchen“ ze kommen“.

Richtigstellung: Deen éischte Kopleschter  
Motocross ass den 29. Abrëll 1962 bei de 5  
Buchen ausgedroe ginn. Et ass den eenzege  
Cross dee bei de 5 Buchen ausgedroe gouf.  
1963 ass de Cross am Direndall gefuer ginn.

Vun 1964 bis 1978, d.h., 16-mol, war de Cross  
an der Léisank. Vun 1979 un ass de Cross am  
Wudderdall ausgedroe ginn, duerno an der  
Carrière Cloos um Biergerkräiz. Déi lescht  
Jore gëtt de Motocross „op dem Grëndchen“  
(Typonyme cadastral) organiséiert. Dëse  
Parcours ass eng 250 Meter ewech vun der  
Streck, wou 1962 déi éischt Course bei de 5  
Buche gefuer gouf.



### **Historesch Zousazinformatiounen**

10 Mol - 1962 bis 1971 - gouf de Motocross  
organiséiert vun der MUL-Sektioun Koplescht  
besteeënd aus deenen dräi virgenannte  
Veräiner SITKB, CTKB an CMSM. Wärend  
enger Versammlung am Februar 1972,  
am Café Germaine Goedert zu Koplescht,  
konnten sech déi eenzel Veräiner net eens  
ginn iwwert d'Aarbechtsopdeeling fir de  
Cross 1972. De Cercle Touristique huet sech  
deem Owend dunn aus der MUL-Sektioun  
zeréck gezunn.

De Motocross vun 1972 gouf dorops  
hin organiséiert ënnert der neier  
Zesummesetzung vun der MUL-Sektioun  
mat de Veräiner: Syndicat d'Initiative (SITKB),  
Cercle Militaire des Sports Mécaniques  
(CMSM) an dem Vélo Club „Les Amis du  
Cyclo-Tourisme“ Kopstal-Bridel (ACTKB).





## Wie wäre es, wenn die Wärmepumpe Ihnen ... eine effiziente und umweltfreundliche Lösung für die Beheizung Ihrer Wohnung bieten würde?

In einer Zeit, in der der Fokus auf nachhaltigen Lösungen liegt, gewinnen Wärmepumpen zunehmend an Bedeutung. Diese bewährte Technologie bietet nicht nur eine effiziente Möglichkeit zur Beheizung von Gebäuden, sondern ist auch eine vielversprechende Alternative, um die Umweltauswirkungen zu minimieren.

Denn Wärmepumpen nutzen die in der Umwelt verfügbare Wärmeenergie, sei es in der Luft oder im Boden, um Wärme zu erzeugen. Um diese Effizienz zu messen, wird der COP (Coefficient of Performance) herangezogen, der das Verhältnis zwischen der erzeugten Heizwärme (kWh) und der dafür benötigten Strom (kWh) ausdrückt. Im Vergleich zu fossilen Heizsystemen bieten Wärmepumpen aufgrund ihrer Energieeffizienz einen erheblichen Vorteil.

### Vorurteile gegen Wärmepumpen

Es gibt immer noch viele Mythen über Wärmepumpen, wie z. B. „Wärmepumpen können nicht in Altbauten eingesetzt werden“. Aber auch in Altbauten ist die Wärmepumpe eine Option, auch unter Verwendung der vorhandenen Heizkörper. Lediglich die Effizienz ist in der Regel etwas geringer als in Neubauten mit Fußbodenheizung.

Sie planen, eine Wärmepumpe in Ihrem Haus zu installieren? Klima-Agence stellt

Ihnen eine Checkliste über Wärmepumpen in Wohngebäuden zur Verfügung, damit Sie beim Einbau einer solchen Anlage den Überblick behalten. In dieser von unseren Experten erstellten Liste finden Sie die Elemente, die Sie bei der Installation und dem Betrieb eines solchen Systems beachten müssen: die Einstellungsmöglichkeiten Ihrer Anlage, die erforderlichen Genehmigungen, die durchzuführenden Kontrollen und die verschiedenen Wärmepumpentypen. Das Dokument bietet ein kurzes Glossar und erklärt Fachbegriffe, über die Sie als Laie stolpern könnten. Nutzen Sie auch die Beratung von Klima-Agence, falls Sie noch weitere Fragen haben.

Hier finden Sie die Checkliste



Unabhängige & kostenlose Beratung  
klima-agence.lu • 8002 11 90

## EIS GEMENG ËNNERSTËTZT DE FAIREN HANDEL



Au Ghana et en Côte d'Ivoire, 1,5 million d'enfants travaillent encore dans des conditions dangereuses sur les plantations de cacao. Choisir Fairtrade, c'est réactiver son pouvoir d'agir.



### LE TRAVAIL DES ENFANTS

Dans le monde, 160 millions d'enfants travaillent encore, selon l'UNICEF. Parmi eux, 70% travaillent dans la production agricole. Il s'agit d'un problème profondément enraciné qui nécessite une approche globale pour être résolu.

Le travail des enfants fait référence à un travail qui nuit à la santé et au bien-être d'un enfant et/ou qui interfère avec son éducation, ses loisirs et son développement. Il s'agit d'un problème complexe qui touche les garçons et les filles dans la plupart des pays du monde.

### LA PAUVRETÉ, FACTEUR PRINCIPAL

Les causes du travail des enfants sont multiples. Le manque d'accès à une éducation de qualité, la discrimination, les conflits et les catastrophes naturelles ne sont que quelques-unes des causes sous-jacentes.

La pauvreté reste cependant le principal facteur. *Lorsque les familles ne sont pas en mesure de gagner décemment leur vie grâce à leurs récoltes et que les jeunes manquent de possibilités d'emploi décent, il reste très difficile de mettre fin au travail des enfants.*

### COMMENT FAIRTRADE LUTTE CONTRE LE TRAVAIL DES ENFANTS

Le commerce équitable, grâce au prix minimum garanti et à la prime Fairtrade, permet de lutter contre la pauvreté, cause principale du travail des enfants.

Le Mouvement Fairtrade, au travers des réseaux de producteurs, met en place des programmes de protection de l'enfance avec partenariats avec des ONG spécialisées.

Il s'agit notamment de soutenir et de conseiller les coopératives dans :

- l'organisation d'ateliers, de formations, d'activités de sensibilisation pour les coopératives et les membres.
- la mise en place de programmes tels que la "Programme de suivi et remédiation basé sur la participation des jeunes"
- la promotion de la scolarisation à travers l'utilisation de la prime Fairtrade pour construire des écoles, améliorer l'équipement des écoles locales, obtenir les certificats de naissances pour les enfants, faciliter les trajets des enfants ou encore financer des bourses scolaires.



# AKTIVITÉITEN & KULTUR

## Retrospektiv – Vergaange Manifestatiounen – Mäerz bis Mee 2024

### Don un d'ALAN Maladies Rares Luxembourg – Schoul Briddel – 03.2024

Och dëst Joer huet d'Schoul een Don un eng Associatioun gemaach. D'Schouklasse hunn ewéi all Joers flott Saache fir de Chrëschtbasar gebastelt an déi stolz Zomm vun 2.910 € déi beim Verkaf zesummekomm ass, ass un d'Associatioun ALAN – Maladies rares Luxembourg gaangen.

Foto 1: Schoul Briddel

### Vereedegung vun engem Gemeengeconseiller – 13.03.2024

No der Demissioun vum Romain Adam als Gemeengeconseiller, ass de Patrick Thill, den 13. Mäerz als säin Nofolger vereedegt ginn.

Foto 2: Gemeng Koplescht

### Straussefeier – Maison Relais – 14.03.2024

Donneschdes, de 14. Mäerz 2024, ass d'Straussefeier vun der Maison Relais organiséiert ginn. Dëst ass eng symbolesch Feier fir d'Enn vun de Réibauaarbechten ze feieren, wou ee Beemchen um Dag vun der Konstruktioun opgeriicht gëtt. Mat dobäi

waren de Schäfferot, Gemeengeconseillere, déi Responsabel vun der Maison Relais, déi Responsabel vum Architektbüro a vun der Baufirma, esou wéi d'Noperen.

Déi nei Maison Relais soll fir d'Schoulrentrée 2025-2026 fäerdeg ginn. Hei kënnen dann insgesamt eng 450 Kanner betreit ginn.

Fotoen 3-4: Max Staus

### Grouss Botz – Ëmweltkommissioun – 17.03.2024

De 17. Mäerz sinn eng 100 Awunner duerch eis Gemeng gaange fir am Kader vun der grousser Botz Offäll laanscht d'Stroossen, d'Wanderweeër an d'Bëscher opzesammelen. No der Botzaktioun gouf et dunn eppes Waarmes fir d'Participanten z'iessen. Mir soe jidderengem villmools Merci, dee bei dëser Aktioun matgemaach huet!

Fotoen: 5. Véronique Scheer, 6. Tennis Koplescht Briddel, 7. Motoclub Kopstal Bridel, 8-12. Max Staus

### Visitt vum Waasserbaseng um Briddel – Schoul Briddel – 26.04.2024

De 26. Abrëll waren zwou Klasse vum Cycle 3.2 am Kader vum Cours « éveil aux sciences » de Basserbaseng op de Briddel

kucken. Déi Responsabel vum « Service des eaux » hunn sech Zäit geholl fir de Kanner alles ze weisen an hinnen déi néideg Erklärungen ze ginn.

D'Kanner hu geléiert wéi wichteg an awer och komplizéiert an opwänneg eng gutt Waasserversuergung ass an datt mir all dozou bäidroen musse fir Waasser ze spueren an net onnéideg ze verbëtzen.

Foto 13 & Text: Schoul Briddel

### Cabaret De Renert als politesch Satir – Kulturasbl – 23.03.2024

Den 23. Mäerz huet d'Kulturasbl d'Liesung „De Renert als politesch“ mam Romain Hilgert a Steve Karier organiséiert. Et war ee gelongen Owend un deem eng 30 Leit deelgeholl hunn. D'Kulturasbl ass frou, lech an den nächste Méint ee weiderhi flotten a villsäitege Programm am renovéierte Kulturhaus ze proposéieren. D'Eventer gi punktuell op der Facebook-Säit vun der Kulturasbl annoncéiert:

<https://www.facebook.com/KulturasblKopstal/>

Foto 23 & Text: Kulturasbl

### Fairtrade Ouschtersich & Brunch – Fairtrade Team – 24.03.2024

De Sonndeg, 24. Mäerz hunn iwwer 100 Kanner eng ronn 500 Eeër gesicht a bei flotten Ateliere matgemaach. Als Belounung krut all Kand eng Titch Fairtrade Ouschterhuese vum Atelier protégé du Tricentenaire. Um 12 Auer ass dunn e Fairtrade Brunch zerwéiert ginn, wou vill Awunner dobäi waren.

Fotoe 14-22: Max Staus

### Konferenz iwwert dat neit ASBL Gesetz mam Alex Bodry zu Kielen – 25.03.2024

Am Mäerz huet d'Gemeng Koplescht, an Zesummenaarbecht mat der Nopeschgemeng Kielen an hirer Familljen- a Chancëgläichheetskommisioun eng Konferenz iwwert dat neit ASBL-Gesetz mam Alex Bodry organiséiert. D'Konferenz war gutt besicht mat Clibb aus béide Gemengen.

Fotoe 26-27: Familljen- a Chancëgläichheetskommisioun Kielen

### Ouschterfest – Amiperas Kopstal/ Bridel – 06.04.2024

An der leschter Amiperasversammlung war eng weider lass, den Ouschterhues an e weidere lëschtege Gesell sinn eis spontan besiche komm an hu jidderengem en déckt Ouschteree an d'Nascht geluecht. Mat gudder Stëmmung gong d'Versammlung mat Kaffi a Kuch weider.

Fotoe 24-25 & Text: Amiperas Kopstal/Bridel

### KoBri Konscht a Bricolage – 20.04.2024

Samschdes, den 20. Abrëll, huet déi 2. Editioun vum KoBri Konscht a Bricolage stattfont. Merci u jiddereen, dee bis laanscht komm ass fir bei engem Workshop matzemaachen, sech d'Stänn vun de Kënschtler unzekucken oder eppes bei der Ekip vum Jugendhaus fir z'iessen oder ze drénke kaaft huet.

Fotoen 28-35: Max Staus



## **KoBri Maart – Summersaison 2024 – 24.04.2024**

No der Wanterpaus gëtt de KoBri Maart erëm, ewéi gewinnt, all 2. Mëttwoch vu 15.00 bis 19.00 Auer um Parvis vun der Briddeler Kierch organiséiert. D'Aweigung vun der neier Saison war de 24.04. Ze fannen ass eng Metzlerie, eng Bäckerei, frëscht Uebst a Geméis, Wäin, Blumen, fäerdeg preparéiert Platen, italieenesch Spezialitéiten, a villes méi. Bei all Maart ass och ee lokale Club vertraueden, dee fir lessen a Gedrénks suergt.

Fotoe 36-39: Max Staus

## **Motocross – Moto Club MX Kopstal Bridel asbl – 01.05.2024**

Mat der 58. Editioun vum Motocross, deen traditionell um 1. Mee vum Motoclub Koptstal-Bridel organiséiert gëtt (Bei de 5 Buchen), ass déi nei Saison erfollegräich lancéiert ginn. Dës Trophée gouf an Erënnerung vum Här Paul Thill, fréiere Member vum Club, dee virun 10 Joer verstuerwen ass, organiséiert. Dës Traditioun, déi all Joers um 1. Mee stattfënnt, erméiglecht et jonken a manner jonke Fuerer sech ze treffen a sech op hiren alen an neie Gefierer z'ameséieren. D'Manifestatioun ass ënnert ganz gudde Konditiounen ofgelaf an de Succès bei de Visiteure war grouss. 120 Piloten, fir déi meescht Lëtzebuurger, hunn ee flotte Spektakel geliewert. Méi ewéi 800 begeeschtert Spectateure waren do, fir déi jonk Talenter unzefeieren. Um Enn vum Dag war de Podium gutt mat eise lokale Pilote besat.

De Club seet der Gemeng Merci fir d'Ënnerstëtzung, esou wéi de Kopleschter a Briddeler Awunner fir hir Frëndlechkeet an hir

Gedold. Merci och un d'Piloten, d'Benevollen a Spectateuren, déi do waren. Dësen Dag war ënnert anerem och ënnert dem Zeeche vum Télévie organiséiert, wou eng Partie vun de Recetten u si gespent ginn ass.

Fotoe 40-41 & Text: Motoclub Kopstal-Bridel

## **Fairtrade Breakfast an der Schoul a fir d'Gemengepersonal – Fairtrade Team – 02 & 07.05.2024**

Als Fairtrade Gemeng hu mir am Kader vun de Fairtrade Wochen, déi all Joers Ugangs Mee stattfannen, zwee Fairtrade Kaffie mat Produiten déi exklusiv aus dem fairen Handel stamen, organiséiert. Ee fir d'Schüler aus der Primärschoul, an ee fir d'Gemengepersonal. Zil dovunner ass et, fir d'Awunner an d'Mataarbechter aus der Gemeng op de fairen Handel ze sensibiliséieren. Wann Dir lech iwwert dëst Thema wëllt informéieren, kënnt Dir um Site [www.fairtrade.lu](http://www.fairtrade.lu) ganz vill nützlech Informatiounen dozou fannen.

Fotoe 54-55: Gemeng Koplescht

## **Ausflug – Amiperas Kopstal/ Bridel – 05.2024**

Am Mee huet d'Amiperas Koplescht Briddel e flotten Dag op der Marie-Astrid verbruecht bei engem gudde Menu, wou alles sech ëm d'Spargele gedréit huet. Dat ganzt gouf encadréiert mat Musek, Gesang an Danz. Et war eng ausgeloose Stëmmung.

Foto 53 & Text: Amiperas Kopstal/Bride

## **Kiermes zu Koplescht – Kulturasbl – 18-19.05.2024**

D'Kulturasbl huet an Zesummenaarbecht mam Mike Bonomi d'Päischtkiermes zu Koplescht erëm opliewe gelooss. D'Wiederkonditiounen waren net ideal, mee d'Awunner waren awer um Rendez-vous an hunn sech iwwert dës Manifestatioun gefreut. Fir d'Musek huet d'Kielener Fanfare gesuergt an huet an de verschidde Stroossen zu Koplescht den Hämmelsmarsch gespillt. Déi nächst Kiermes ass schonn um Briddel geplangt, vum 5. bis de 7. Juli 2024. Méi Informatiounen dozou fannt Dir an der nächster Editioun vum KoBri Flash.

Fotoen: 42-50. Max Staus, 51-52. Raoul Weicker

## **Concert vum Ensemble de la Chapelle St. Marc an dem St. Salvator's Chapel Choir, University of St. Andrews – Kulturasbl – 17.05.2024**

De 17. Mee hat d'Kulturasbl een exzeptionelle Concert an der Briddeler Kierch organiséiert, dëst mam Ensemble vun der Chapelle Saint-Marc an dem St. Salvator's Chapel Choir vun der University of St. Andrews aus Schottland. Trotz extreme Wiederkonditiounen an dräi gespaarte Stroosse fir op de Briddel, hate sech knapps eng 100 Visiteure um Briddel afonnt a kruten ee flotte Programm mat Kompositiounen vum Francesco Durante, Antonio Vivaldi a Johann Sebastian Bach gebueden.

Fotoe 56-57 & Text: Kulturasbl





1



5



6



7



8



2



3



9



10



11



4



12



13





14



16



18



19



20



15



21



22



17



23



24



25




26



27









42



44



48



49



43



50



45



46



51



47



52



53





54



55



56



57

# Praktesch Informatiounen

## BIERGERZENTER

1-3 rue Nicolas Goedert  
L-8133 Bridel

### Ëffnungszäiten:

méindes bis freides vun  
7h30-12h00 an 13h00-16h00

## RÉCEPTION

☎ 27 3 27 - 222  
✉ population@kopstal.lu

## BUREAU DE LA POPULATION

☎ 27 3 27 - 222  
✉ population@kopstal.lu

## SERVICE ENSEIGNEMENT

☎ 27 3 27 - 203  
✉ population@kopstal.lu

## SERVICE DE MÉDIATION

✉ mediation@kopstal.lu

## MAIRIE

28, rue de Saeul  
L-8189 Kopstal

## SECRÉTARIAT COMMUNAL

☎ 27 3 27 - 305  
✉ secretariat@kopstal.lu

## RECETTE COMMUNALE

☎ 27 3 27 - 401  
✉ recette@kopstal.lu

## COMPTABILITÉ COMMUNALE ET RESSOURCES HUMAINES

☎ 27 3 27 - 303 | - 304  
✉ facturation@kopstal.lu

## COMMUNICATION ET RELATIONS PUBLIQUES

☎ 27 3 27 - 302 | - 306  
✉ communication@kopstal.lu

## SERVICE TECHNIQUE

22, rue de Luxembourg  
L-8184 Kopstal

### SERVICE TECHNIQUE

☎ 27 3 27 - 503 | - 501 | - 507 | - 508  
✉ servicetechnique@kopstal.lu

## SERVICE DES EAUX

☎ 661 402 328 ou 661 402 329  
✉ eau@kopstal.lu

## CONCIERGERIE COMMUNALE

76, rue de Luxembourg  
L-8189 Kopstal

☎ 27 3 27 - 327  
✉ conciergerie@kopstal.lu

### Ëffnungszäiten:

méindes bis freides vun  
13h00-19h00

## AUTRES CONTACTS

CIS Kopstal  
☎ 49771 - 3450  
✉ ciskop-cadre@cgd.lu

## PERMANENCE SOCIALE

Ines Figueiredo  
☎ 26 11 37-31 | 621 267 162  
✉ ines.figueiredo@oscmamer.lu

## CIGL KOPSTAL-BRIDEL ASBL

☎ 26 10 35 19

## KOBRIBUS (Service Ruffbus)

☎ 27 327 - 333

## MAISON RELAIS BRIDEL

☎ 27 3 27 - 800  
✉ mre@kopstalschoulen.lu  
www.maisonrelais-bridel.lu  
Adresse : 4, rue Gerden |  
L-8132 Bridel

## PRÉPOSÉ DE LA NATURE ET DES FORÊTS

Daniel Steichen  
☎ 621 202 116  
✉ daniel.steichen@anf.etat.lu



Klima-Bündnis  
Lëtzebuerg





